N°3175
Entrée le 11.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An eisen Nopeschlänner ginn et Restriktioune fir de Gebrauch vun All-Weather-Pneuen (mat der Kennzeechnung Matsch+Schnee (M+S). An Däitschland si Pneuen, déi nëmmen d'Bezeechnung M+S droen, zënter 2024 am Wanter verbueden, wann se kee Schnéiflack-Symbol drop hunn. Zu Lëtzebuerg ginn et dogéint keng Restriktiounen. Am selwechten Artikel bestätegt de Mobilitéitsministère dëst:

*"Wann ee gutt M+S-Pneuen huet, dat geet zu Lëtzebuerg duer, well mir hei am Land e proaktive Streedéngscht hunn. Och eis Wiederverhältnisser erlaben, datt mir elo am Moment nach bei der M+S-Markéierung bleiwen"*, heescht et aus dem Mobilitéitsministere.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Ministesch sech bewosst, dass de Bremswee mat engem All-Weather-Pneu ouni Schnéiflackesymbol, jee no Nidderschlag an Temperaturen, méi laang ass, wéi bei engem anere Pneu?

2. Wäert d'Ministesch weider dru festhalen, dass M+S-Pneuen ouni d'Schnéiflackesymbol hei am Land duerginn, trotz der Entwécklung an eisen Nopeschlänner, oder wäert d'Ministesch d'Reegele fir All-Wieder-Pneuen un d'Norme vun eisen Nopeschlänner upassen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés